




## Lëtzebuerger Studenten Zürich





# Inhalt

|                                                            |           |
|------------------------------------------------------------|-----------|
| <b>Inhalt</b>                                              | <b>1</b>  |
| <b>Virwuert vum President</b>                              | <b>2</b>  |
| <b>Zürich, wou ass dann dat?</b>                           | <b>4</b>  |
| Fréier sinn et och scho Schwäizer ginn...                  | 4         |
| Little Big City                                            | 4         |
| Money makes the world go round...                          | 5         |
| ETH an Uni                                                 | 5         |
| Schwäizer schaffen net ëmmer!!!                            | 5         |
| Wat een ausserdeem nach maache kann...                     | 6         |
| <b>D'ETH Zürich</b>                                        | <b>7</b>  |
| Wat ass d'ETH Zürich?                                      | 7         |
| Wat kann een alles do studéieren?                          | 7         |
| Studieberodung                                             | 7         |
| Wéi ass d'Studium agedeelt?                                | 7         |
| Stagen                                                     | 9         |
| Wéini a wéi gëtt een op der ETH ugeholl?                   | 9         |
| Opnamprüfung                                               | 10        |
| <b>D'Uni Zürich</b>                                        | <b>12</b> |
| Wat a wéi studéiert een op der Uni?                        | 12        |
| Wéini gëtt een op der Uni ugeholl? Wéi mellst een sech un? | 12        |
| <b>Wat soss nach wichteg ass</b>                           | <b>14</b> |
| Logement                                                   | 14        |
| Wat kascht wéivill?                                        | 15        |
| Wou kommen d'Suen hir, wou ginn se hin?                    | 16        |
| Verschiddenes                                              | 17        |
| <b>Den LSZ</b>                                             | <b>20</b> |
| <b>Weider Informatiounen</b>                               | <b>21</b> |
| <b>All wichteg Adressen op ee Bléck</b>                    | <b>22</b> |
| <b>Impressum</b>                                           | <b>24</b> |

## Virwuert vum President



Léiw(e) Schüler/in a Student/in, léiw(e) Lieser/in,

Mat engem Diplom am Grapp bidde sech engem eng Hällewull u Méiglechkeete fir weiderféierend Studien un. Bei dësem Choix kommen wahrscheinlech och eng Rei Froen op, déi mir dir op der Foire de l'étudiant probéieren sou gutt ewéi méiglech ze beäntweren. Du wäerts wuel schon vu ville Leit héieren hunn, dass d'Studienzäit déi schéinsten Zäit vum Liewen soll sinn, mee och des Zäit muss anstänneg preparéiert ginn. Eng vun deenen éischten Froen déi bei der Preparatioun opkommen ass wou an wat well ech studéieren? Mat Sécherheet eng Fro déi net nëmmen deng Studienzäit mee déi ganz Liewen wäert prägen. Dofir ass et wichteg dass du dir dës Entscheedung gutt iwwerlees an dir Zäit léis bei dëser neier Etapp an dengem Liewen. Wanns du dir eventuell awer iwwerlees vir op Zürech ze kommen, dann probéieren mir dir mat dëser Broschür sou gutt et geet weider ze hëllefen.

Déi éischt Aspekter déi engem bei der Schwäiz afalen, sinn sécherlech Bierger, Schockela an Banken. De Schwäizer hiren Erfolleg ass awer net nëmmen op den Tourismus, d'Industrie an d'Finanzwelt zeréckzeféieren mee eng ganz grouss Roll spillt och déi héich Qualitéit vun den Ausbildungen, besonnesch zu Zürech. D'ETH gehéiert zu deenen weltwäit beschten Universitëten op hirem Gebitt. Donieft genéissen awer och d'Uni Zürich (UZH) an d'Zürcher Hochschule der Künste (ZHdK) e ganz gudder Ruff op internationalem Niveau.

Net nëmmen d'Uni, mee och d'Stad Zürech ass

definitiv en Grond vir an d'Schwäiz studéieren ze kommen. Nieft dem Léieren wäerts du dech bestëmmt net langweilen! Den Summer bréngt déi ganz Stad zesummen an d'Stroossen an un den Séi vir bei guddem Wieder schwammen ze goen an am Wanter fënnt sech all Mënsch op den noen Skipisten rem. Allgemeng eng héich Liewensqualitéit ass garantéiert a spigelt sech esou wuel an den Infrastrukturen, der Sécherheet, der kultureller Vielfalt an dem perfekt ofgestëmten öffentlichen Transport erëm – alles Saachen un déi een sech schnell gewinnt an op déi een dann nëmmen nach ongär verzichte wëll. Net zu lescht huet och d'Nuetsliewen vun Zürech vir jiddereen eppes ze bidden. Vun groussen international bekannten Cluben iwwer Jazz bis hin zu alternativen Baren ass alles derbäi!

Natierlech muss een sech bewusst sinn, dass een en Studium am Ausland mëscht an och net mei esou no un Lëtzebuerg ass. Fir vill Leit spillt et eng grouss Roll, weider an engem bekannten Ëmfeld ze sinn; dofir ass scho säit 87 Joer ee vun den Haaptziler vum LSZ e klengt Stéck Lëtzebuerg op Zürech ze bréngen. Sécherlech ass et um Ufank schwéier mam néien Ëmfeld ëmzegoen mee ech kann aus eegener Erfahrung soen dass et der Wäert ass den Schrëtt an d'Onofhängegkeet ze woen an eleng bass du bei eis nie! En Club mat ronn 120 Memberen wäerte dir bei allméiglechen Froen zu dengem Studium zur Säit stoen. All Neizougang gött bei eis am Ufank vum



Semester empfaangen an am Laf vum Joer kanns du un flotten Aktivitéiten deelhuelen. Méi zum LSZ an och den Aktivitéiten fënns du an dëser Broschür.

Allerdéngs geet et net duer, d'Destinatioun ze kennen, du muss och wëssen wat s du studéieren wëlls. Beim Choix vum Studiëgang gëtt der des Broschür en klengen Iwwerbléck, mä well se awer limitéiert ass, wieren mir frou dech kennen perséinlech op eisem Stand vun der Foire de l'étudiant begrëssen ze kennen.

Zu gudder läscht nach eng Saach déi ech kengem virenthalen wëll: Sief der bewosst dass Zürech eng deier Stad ass, wat sech awer duerch geleeëntlecht schaffen mat ugemooesser Remuneratioun relativiséiert.

Bei weideren Froen zum Studium zu Zürech an dem LSZ kanns du ons och eng Mail op [comite@lsz.lu](mailto:comite@lsz.lu) schécken oder op eisem Site ([www.lsz.lu](http://www.lsz.lu)) weider Infoen fannen.

Vill Spaass bei all déngen Decisiounen!

Joé Hoffmann  
President LSZ



## Zürich, wou ass dann dat?

Zürich läit am Schwäizer Mittelland (do wou et nach relativ platt ass) um nördlechen Enn vum Zürichsee, deem sechst-gréisste Séi an der Schwäiz. Den Zentrum vun der Stad läit um Séi an u béide Säite vun der Limmat, dem Floss, deen aus dem Séi erausfléisst. Deen héchste Punkt läit um Uetliberg mat 871 Meter; esou platt ass d'Mittelland also awer net. Wann ee Chance huet, kann een esouguer d'Alpe gesinn, eng Vue, déi een net onbedéngt derzou opfuert an d'Virlesung setzen ze goen... Mat ronn



400,000 Awunner ass Zürich déi gréisste Stad an der Schwäiz; de Kanton Zürich ass mat bal 1,4 Milliounen Awunner och deen am meeschte bewunnte Kanton.

### Fréier sinn et och scho Schwäizer ginn...

Déi éischt Siedlungen an der Regioun sinn ëm 4300 v.Chr. entstanden. 15 v.Chr. gouf d'Mittelland vun de Réimer besat. Do, wou haut de Lindenhof ass, gouf eng Befestigung gebaut, ee klengen Hafen an natierlech ee gehéiztent Bad ugeluecht. Dat Ganz

hunn si Turicum genannt. No de Réimer koumen d'Alemannen, bis ëm 1519 den Huldrych Zwingli d'Reformatioun zu Zürich aféiert. Wéi iwwerall an Europa, ass et ëm 1800 och an der Schwäiz zu enger Revolutioun mat der Aféierung vun enger éischter Helvetescher Republik komm. Wéi dës kuerz dono zesummegefall ass, huet den Napoleon der Schwäiz eng Verfassung diktéiert. Mëtt 19. Joerhonnert gouf dës Verfassung a groussen Deeler revidéiert, an ënnert anerem de Referendum, ee wichtegen Deel vun der Schwäizer Demokratie agefouert. Ufank 20. Joerhonnert, ass Zürich massiv gewuess, a fänkt un vun der Industrialiséierung ze profitéieren, et gi 15 Gemengen aus der Regioun mat an d'Gemeng Zürich abezunn. Nom Krich hält de Winston Churchill ausgerechent zu Zürich eng bekannte Ried iwwert d'Noutwennegkeet vun engem vereenten Europa.

### Little Big City

Zürich brauch sech fir seng relativ bescheide Gréisst awer net hannert den aneren europäesche Metropolen ze verstoppen. Am kulturelle Liewen ass ëmmer eng lass an och fir Touriste lount sech e klengen Ausflug. Kulturell Highlights sinn ënnert anerem: d'Niederdorf, d'Bahnhofstrasse, de Lindenhof, de Limmatquai, d'Opernhaus an déi sëllech Kierchen, fir der nëmmen e puer ze nennen. Zürich ass eng aussergewöhnlech schéin a propper Stad, déi sech ronderëm d'Alstad an den Däller vun der Limmat an der Sihl opgebaut huet.

[[www.zuerich.com](http://www.zuerich.com)]

Et ginn och eng Hällewull Méiglechkeete sech um kulturelle Plang ze betätigen. Dat geet vu Concerten, Festivaller, Musicalen, iwwert Operen, Ausstellungen [[www.kunsthhaus.ch](http://www.kunsthhaus.ch)], an Theateropféierungen bis hin zu Stroossefester a Festivaller an der ganzer Stad. [[www.ticketcorner.ch](http://www.ticketcorner.ch)] [[www.opernhaus.ch](http://www.opernhaus.ch)] [[www.schauspielhaus.ch](http://www.schauspielhaus.ch)]

Sportlech brauch Zürich sech och net mat senge Profiséquippen am Fussball an Äishockey ze verstoppén. Op alle Fall lount et sech ee mol de Wee an de Stadion ze fannen. [[www.gcz.ch](http://www.gcz.ch)] [[www.fcz.ch](http://www.fcz.ch)] [[www.zsclions.ch](http://www.zsclions.ch)]



### Money makes the world go round...

Zürich ass de Wirtschaftszentrum vun der Schwaiz, besonnesch markant ass den extrem grouse Finanzsektor. Wéi Lëtzebuerg, baséiert d'Zürcher Wirtschaft op Déngschtleeschung, dorënner falen net nëmmen d'Banken a Versécherungen, mee och d'Berodung vun Entrepenen an d'Immobilieverwaltung. Donieft huet awer och eng Rei international Industrie hire Sëtz oder eng Filial zu Zürich.

[[www.awa.zh.ch](http://www.awa.zh.ch)] [[www.swx.ch](http://www.swx.ch)]  
[[www.greaterzuricharea.ch](http://www.greaterzuricharea.ch)]

### ETH an Uni

Zu Zürich gëtt et souwuel eng Uni wéi och eng Technesch Héichschoul (ETH). D'ETH Zürich, déi 1855 gegrënnt gouf, ass weltwäit gutt ugesinn, an dat virun allem duerch d'Fuerschung déi hei bedriwwen gëtt. Am Ganze ginn et 16 Departementer, déi an der Fuerschung an de Beräicher vu Verkéiersplanung bis Kriibsfuorschung tätég sinn. Un der ETH schaffen ronn 500 Professer an iwwer 10'000

zousätzlech Ugestallter fir méi wéi 20'000 Studenten an Doktoranden (dovun 37% Auslänner an eng Honnert Lëtzebuerger) ze beschäftegen. De Kurt Wüthrich ass dee leschten ETH-Professor deen een Nobelpräis (2002, Chimie) kritt huet, a ka sech domat zu Berühmtheete wéi Einstein, Röntgen, Pauli an 21 aner Forscher zielen. [[www.ethz.ch](http://www.ethz.ch)]

D'Universität Zürich ass déi gréisst Schwäizer Héichschoul an ass ebenfalls e wichtege Standuert fir d'Fuerschung. Mat méi wéi 26'000 Studenten, op 7 Fakultéiten, ass se e gutt Stéck méi grouss wéi d'ETH, huet awer nëmmen knapp 8'500 Mataarbechter, dovunner 600 Professer. A Saache Fuerschung muss d'Uni sech awer net hannert der ETH verstoppén, si zielt zu deenen beschten an Europa am Beräich Klinesch Medezin, an ass a 5 Beräicher zu där beschter Schwäizer Uni ernannt ginn. Sou kënnt zum Beispill den Nobelpräisträger fir Medezin vun 1996, den Rolf M. Zinkernagel vun der Uni. An der Fuerschung schaffen d'Uni an d'ETH enk zesummen. Obschonns d'Uni vill méi Studenten huet, sinn di meeschte Lëtzebuerger ob der ETH.

[[www.uzh.ch](http://www.uzh.ch)]

### Schwäizer schaffen net ëmmer!!!

Déi 2 wichtegst Fester an der Stad, baséieren op laangjäregen Traditiounen a sinn d'Sechseläuten (sprich: "Sächsilüüte") an d'Knabenschiessen. D'Sächsilüüte ass eng Kavalkad vun den Zünften duerch d'Stad. Membere vun dësen Zünften (si entspreche méi oder wéineger dem lokalen Who's Who vum Regierungsmember bis hin zum "einfache" Räichen), spadséieren an traditionellen Truechten hannert enger Musekskapell duerch d'Stad. An dann nomëttes um 6 Auer, gëtt de Böög verbrannt. De Böög ass ee stréiene Männchen, deen op engem risegen Holzkoup steet. Wat säi Kapp méi séier explodéiert, wat de Summer méi schéi gëtt. Et ass also souzesoen eng Zürcher Variant vum Buergebrennen.

[[www.sechselaeuten.ch](http://www.sechselaeuten.ch)]

Beim Knabenschiessen geet et virun allem ëm ee Schéissconcours fir Jugendlecher tëschent 12 a 16 Joer. Am interessantesten ass dann awer den Nieweprogramm, nämlech déi gréisste Chilbi (Kiermes) vun der Schwäiz.

[[www.knabenschiessen.ch](http://www.knabenschiessen.ch)]



All dräi Joer, d'nächste Kéier 2019 ass dat gréisste Fest an der Schwäiz: d'Zürifäsch. Während dräi Deeg steet d'Stad esou zimlech op der Kopp, wa ronn 2 Milliounen Besucher sech ob Grillfester, Partyen a Concerten amüsieren.

[[www.zuerifaesch.ch](http://www.zuerifaesch.ch)]

D'Street Parade, déi et scho säit Ufank vun den 90er gëtt, huet d'Loveparade vu Berlin als gréissten Technoparty ofgeléist. All Joer am August rave bal eng Millioun Technofreaken am Zentrum vun der Stad. Trotz Examenszäit ass et bal ee Muss fir do dobäi ze sinn.

[[www.streetparade.ch](http://www.streetparade.ch)]

### Aner wichteg Datumer zu Zürich

Weltklasse Zürich, ee grouss Liichtathletiksmeeting aus der Diamond League.

[[www.weltklasse.ch](http://www.weltklasse.ch)]

Expovina, eng grouss Wäinausstellung op Schëffer um Zürichsee. Dat huet de Virdeel, datt een als Excuse fir all fälleg Koordinationsproblemer ka behaupten et wier ee just e bëssi séikrank...

[[www.expovina.ch](http://www.expovina.ch)]



Monday Night Skate, wou sech all zweete Méinden am Summer d'Skatere vun Zürich treffen (bis zu 5000 Leit) fir e klengen Tour duerch d'Stad ze maachen.

[[www.nightskate.ch](http://www.nightskate.ch)]

Freestyle, hei trefft sech d'Weltklass vun de Snowboarder a Skifuerer déi spektakulär Tricker maachen. Dat ganz ass am September beim Séi mat kënschtlechem Schnéi.

[[www.freestyle.ch](http://www.freestyle.ch)]

### Wat een ausserdeem nach maache kann...

Jiddwereen, deen sech Zürich eraussicht fir do ze studéieren, huet wierklech keng Schwieeregkeeten seng Fräizäit ze verbréngen, an dat net well d'Schoul een esou staark beschäftegt, datt ee guer keng Fräizäit méi hätt. Esou kann een am Wanter relativ liicht a schnell an d'Skigebitter kommen an sech e bëssi sportlech betätegen, am Summer dann huet een de Séi direkt viru senger Dir. Vun der Uni an der ETH aus ginn iwwer 80 Sportarten vu Fussball iwwer Golf, Paragliding, Danzen, Snowboard, Inlineskating, bis hin zu Yoga, Sauna an Entspannungstraining ugebueden.


No (oder während) de Virlesungen kann ee mat Kollegen duerch d'Niederdorf spadséieren a ganz interessant Plazen entdecken. Hei fënnt een esou zimlech alles: Kleederbutteker mat dem "dernier cri" aus aktuellster Moud, awer och der mat "normalem" Sortiment, Bistron, Pub'en a Restauranten, Kinoen, Jazzkellere, ... Ween sech et natierlech leeschte kann, kann och emol an d'Bahnhofstrasse akafe goen, oder op mannst sou maache wéi wann. An owes ass eng Hällewull Leit an der Stad. Déi kleng Gässelcher a Bistron sinn net siele strubbelvoll, an an de Puben ginn och emol d'Dëscher aus dem Wee geraumt fir eng Danzpist z'improviséieren well d'Musek einfach ze



gutt ass fir roueg stoen ze bleiwen. An och a punkto Disco an Cluben kann Zürich mat deenen gréissten mathalen, well hei ass vun Elektro iwwer Techno bis zum Rock fir jiddereen eppes dobäi. Partye ginn et der all Dag genuch et muss een sech just kënnen decidéieren. Ween sech also owes zu Zürich langweilt, deen ass selwer schold, oder huet seng Sue schon de Weekend virdrun ausginn.

[[www.zuerich.usgang.ch](http://www.zuerich.usgang.ch)] [[www.tilllate.ch](http://www.tilllate.ch)]

[[www.students.ch](http://www.students.ch)] [[www.asvz.ch](http://www.asvz.ch)]



## D'ETH Zürich

### Wat ass d'ETH Zürich?

Un der Eidgenössischen Technischen Hochschule zu Zürich kann ee praktesch nëmmen Natur- an technesch Wëssenschafter studéieren. D'Schoul ass ganz modern equipéiert a bitt esou Konditiounen fir Studium a Fuerschung. D'ETH ass eng vun de renomméiertsten Universitéiten weltwäit a land regelméissig an den Top 10 vun den internationalen Universitätsrankingen.

[[www.ethz.ch](http://www.ethz.ch)] [[www.ethlife.ethz.ch](http://www.ethlife.ethz.ch)]



### Wat kann een alles do studéieren?

All d'Studiegäng déi d'ETH ubitt fannt der an der Tabell op der nächster Säit.

### Studieberodung

Op der ETH gëtt et awer och eng Studienberatungsstelle, déi iwwert all méiglech Studiegäng Auskonft gëtt an och Dokumentatioun derzou huet:

Mario Foppa  
ETH Zürich, StS, Büro HG F 68.2  
Tel.: +41 44 633 28 59  
E-Mail: [mario.foppa@sts.ethz.ch](mailto:mario.foppa@sts.ethz.ch)  
Beratung mit Schwerpunkt Architektur und Bauwissenschaften sowie Ingenieurwissenschaften

Regula Cinelli  
ETH Zürich, StS, Büro HG F 68.1  
Tel.: +41 (0)44 632 73 24  
E-Mail: [regula.cinelli@sts.ethz.ch](mailto:regula.cinelli@sts.ethz.ch)  
Beratung mit Schwerpunkt Naturwissenschaften sowie Systemorientierte Naturwissenschaften

Wann een sech nach net ganz sécher ass, wat ee studéiere soll, da kann dës Platz engem sécher weiderhëllefen, woubäi béid Studienberater, onofhängeg vun hirem Schwéierpunkt, op all är Froe kënnen äntweren. Eng gutt Méiglechkeet ass och sech iwwer Internet iwwert déi verschidde Studiegäng z'informéieren.

[[www.sts.ethz.ch](http://www.sts.ethz.ch)] [[www.ethz.ch/studium](http://www.ethz.ch/studium)]

### Wéi ass de Studium agedeelt?

Op der ETH sinn all Studiegäng vum traditionelle System op den international unerkannte Bachelor/Master-System ëmgestallt ginn. De Studium ass folgendermoossen agedeelt:

| Semester          | Prüfungen                           | Credits  | Titel    |
|-------------------|-------------------------------------|----------|----------|
| Bachelor-Studium: |                                     |          |          |
| 1. + 2.           | Basisprüfung                        | 60       |          |
| 3. – 6.           | Semesterprüfungen, Bacheloraarbecht | 120      | Bachelor |
| Master-Studium:   |                                     |          |          |
| 7. + 8.           | Semesterprüfungen                   |          |          |
| 9.                | Masteraarbecht                      | 90 - 120 | Master   |



**Architektur und Bauwissenschaften**

|                               |                                                |
|-------------------------------|------------------------------------------------|
| Architektur                   | Bsc ETH Arch.<br>Msc ETH Arch.                 |
| Bauingenieurwissenschaften    | Bsc ETH Bau-Ing.<br>Msc ETH Bau-Ing.           |
| Umweltingenieurwissenschaften | Bsc ETH Umwelt-Ing.<br>Msc ETH Umwelt-Ing.     |
| Geomatik und Planung          | Bsc ETH Geomatik-Ing.<br>Msc ETH Geomatik-Ing. |

**Ingenieurwissenschaften**

|                                            |                                            |
|--------------------------------------------|--------------------------------------------|
| Maschineningenieurwissenschaften           | Bsc ETH Masch.-Ing.<br>Msc ETH Masch.-Ing. |
| Elektrotechnik und Informationstechnologie | Bsc ETH EEIT<br>Msc ETH EEIT               |
| Informatik                                 | Bsc ETH Inf.-Ing.<br>Msc ETH Inf.-Ing.     |
| Materialwissenschaft                       | Bsc ETH Mat.-Wiss.<br>Msc ETH Mat.-Wiss.   |

**Naturwissenschaften und Mathematik**

|                                        |                                                                                                |
|----------------------------------------|------------------------------------------------------------------------------------------------|
| Mathematik/Angewandte Mathematik       | Bsc ETH Mathematik<br>Msc ETH Mathematik                                                       |
| Rechnergestützte Wissenschaften        | Bsc ETH RW<br>Msc ETH RW                                                                       |
| Physik                                 | Bsc ETH Physik<br>Msc ETH Physik                                                               |
| Chemie                                 | Bsc ETH Chemie<br>Msc ETH Chemie                                                               |
| Chemieingenieurwissenschaften          | Bsc ETH Chem.-Ing.                                                                             |
| Chemie- und Bioingenieurwissenschaften | Msc ETH Chem. Bio.-Ing.                                                                        |
| Interdisziplinäre Naturwissenschaften  | Bsc ETH Interdisziplinäre Naturwissenschaften<br>Msc ETH Interdisziplinäre Naturwissenschaften |
| Biologie                               | Bsc ETH Biologie<br>Msc ETH Biologie                                                           |
| Pharmazeutische Wissenschaften         | Bsc ETH Pharm.-Wiss.<br>Msc ETH Pharm.-Wiss.                                                   |

**Systemorientierte Naturwissenschaften**

|                                                   |                                              |
|---------------------------------------------------|----------------------------------------------|
| Erdwissenschaften                                 | Bsc ETH Erdw.<br>Msc ETH Erdw.               |
| Umweltnaturwissenschaften                         | Bsc ETH Umwelt-Natw.<br>Msc ETH Umwelt-Natw. |
| Agrarwissenschaften                               | Bsc ETH Agr.<br>Msc ETH Agr.                 |
| Lebensmittelwissenschaften                        | Bsc ETH Lm<br>Msc ETH Lm                     |
| Gesundheitswissenschaften und Technologie         | Bsc ETH HST<br>Msc ETH HST                   |
| Medizin (ab 2017 - besondere Aufnahmebedingungen) |                                              |

**Zusätzlich gi folgend Masterstudiegäng mat besonnenen Opnahmebedéngungen ugebueden**

Raumentwicklung und Infrastruktursysteme, Integrated Building Systems, Verfahrenstechnik, Mikro und Nanosysteme, Nuclear Engineering, Robotics, Systems and Control, Biomedical Engineering, Energy Science and Technology, Computational Biology and Bioinformatics, Biotechnologie, Data Science (ab 2017), Statistics, Quantitative Finance, Hochenergiephysik, Neural Systems and Computation, Medicinal and Industrial Pharmaceutical Sciences, Applied Geophysics, Atmospheric and Climate Science, Management, Technologie und Ökonomie, Comparative and International Studies, Geschichte und Philosophie des Wissens, Science, Technology and Policy.

[[www.ethz.ch/prospectives/programmes](http://www.ethz.ch/prospectives/programmes)]

Dës Tabell ass just indicativ an entsprécht enger Art Standardstudium. Et ass gutt méiglech, dass de Bachelor oder Master e Semester méi laang ginn. Ofhängeg vum Studiegang fällt d'Bacheloraarbecht och weg.

All Kreditpunkte kënnen am European Credit Transfer System (ECTS) ugerechent ginn. Den ECTS vereinfacht den Austausch op déi meeschten Unien an Héichschoulen innerhalb vun Europa, a steet och an engem enken Zesammenhang mat der Konventioun vu Bologna.



Wann een eng Prüfung bei der éischter Kéier net packt, däerf ee se nach eng zweete Kéier maachen. Et verléiert een awer net onbedéngt Zäit, well et kann een normal mam Studium virufueren. No enger zweeter Kéier Duerchfalen kann een zwar trotzdem op der ETH bleiwen, mee et däerf een awer verschidde Studiegäng net méi wielen. Mat Masteraarbecht ass et an der Regel méiglech a 5 Joer mam komplette Studium fäerdeg ze ginn.

Ee Studiejoer besteet aus engem Hierscht- an engem Fréijoersemester (et kann een awer nëmmen am Hierschtsemester mam Bachelor-Studium ufänken).

D'Hierschtsemester fänkt Mëtt September un an dauert bis Enn Dezember, d'Fréijorsemester ass vun Enn Februar bis Enn Mee, béid dauere ronn 14 Wochen.


[[www.rektorat.ethz.ch/calendar](http://www.rektorat.ethz.ch/calendar)]

All Joer ginn et zwou Examenssessiounen: eng am Wanter (Enn Januar) an eng am Summer (Ufank

August). Verschidde Studiengäng hunn am éischten Joer am Wanter keng Examen. Ab dem 3. Semester hunn déi meescht awer no all Semester eng Examenssessioun. D'Examen am Bachelor bestinn an deenen meeschte Fäll aus „Blockprüfungen“, do zielt déi aus de Koeffiziente berechent Moyenne vun e puer Examen, et muss een also net onbedéngt all Examen packen. Spéider am Studium kommen dann éischter Eenzelexamen. Während dem Semester kënnen kleng Zwescheklausuren sinn, déi jee no Fach bis zu engem Drëttel vun der Endnote kënnen ausmaachen.

## Stagen

Maschinebauer müssen am Bachelor 5 Wochen Handwerksstage maachen, deen een zu Lëtzebuerg ënner anerem bei Arcelor-Mittal, Paul Wurth, Goodyear oder der CFL maache kann. Am beschten ass et, wann s de dee virum Studium oder tëscht dem 1. an 2. Semester méchs. Am Master musse Maschinenbauer, Materialwëssenschaftler an Elektrotechniker 12 Wochen Industriepraktikum maachen. Weider Informatiounen kriss du beim Studiensekretariat.



Architekturstudente müssen 12 Méint Stage maachen, dovu mindestens 6 Méint hannerteneen op der selwechter Platz. Déi meescht maachen dowéinst nom Bachelor ee Joer Paus an deem se hire Praktikum maachen. Als Architekt dauert d'äi Studium also 1 Joer méi laang.

Och déijeene, déi Ëmwelt- an Naturwëssenschaft studéieren, müssen am 7. Semester e Stage maachen.

A verschiddenen anere Studiegäng ass och een obligatoreschen Stage ze maachen, mee dat ass meeschtens réischt am Master de Fall.

Och wa keng Stage virgeschriwwen sinn, soll een trotzdem während dem Studium dovun profitéieren Praxiserfahrung an der Industrie ze sammelen.

### Wéini a wéi gëtt een op der ETH ugehooll?

Als Obnahmbedingung fir d'ETH muss een an der Moyenne vu Mathé, enger Wëssenschaft an enger Sproch mindestens 40/60 (et gëtt net geronnt) hunn. Dëst gëllt allerdengs nëmmen fir d'Sektiounen B an C.

D'Moyenne gëtt folgendermoosse gerechent:

|                                               |     |
|-----------------------------------------------|-----|
| Mathématiques I an II (Moyenne)               | 1/3 |
| Bescht Nummer vu Physik, Chimie oder Biologie | 1/3 |
| Bescht Sprooch                                | 1/3 |

Natierlech gëllt fir d'Sektioun B keng Bio a fir d'Sektioun C brauch ee keng Moyenne an der Mathé ze rechnen. Bei der B, zielt d'Mathématiques II mat der Informatik zesummen, well se net getrennt um Diplom ugeschriwwen ginn.

D'Studente vun deenen anere Sektiounen, oder déi d'Moyenne net hunn, müssen e reduzéierten Opnamexame schreiwen, deemno wéi d'ETH et decidéiert. D'Sektioun A huet an der Schwäiz schlecht Kaarten, si gëtt net méi als Ofschloss unerkannt, well se net déi gefuerdert Wëssenschafter beinhalt. Studente vun enger A müssen also de kompletten Opnamexame maachen, wat enger Schwäizer Matura entsprécht.

[<http://www.swissuniversities.ch/de/services/zulassung-zur-universitaet/laender/luxemburg-l/>]

Fir sech unzemellen, muss ee sech bis spëtstens den 30. Abrëll online op folgendem Link bewerben:

[<http://www.bewerbung-bachelor.ethz.ch>]

D'Unmeldeformular muss ee rausdrecken a mat folgenden Dokumenter

- Passfoto (Original)
- Tabellaresche Liewenslaf
- D'Zensur vun deenen 3 leschte Joeren (3<sup>ème</sup>, 2<sup>ème</sup> a 1<sup>ère</sup>; déi vum 1. Semester wëllen se an der Regel

gesinn)

- Zahlungsnachweis vun der Anmeldegebühr (CHF 150 fir Ausländer) soss kucken se deng Demande guer net

u folgend Adresse schécken:

Zulassungsstelle  
ETH Zentrum  
Anmeldung Bachelor  
HG F 21.3  
Rämistrasse 101  
CH-8092 Zürich  
Tel.: +41 (0)44 633 82 00  
09-11 Uhr und 14-16 Uhr  
E-Mail: [zulassung@ethz.ch](mailto:zulassung@ethz.ch)

Nom Exame schécks du hinnen dann d'Original (eng Copie Conforme geet net duer) vum Diplom an eng Copie Conforme vun denger Carte d'Identité an. Der ETH ass bekannt, dass d'Lëtzebuerger Studenten hiren Diplom réischt Ufank Juli kréien. Et ass dofir kee Problem wann een dee réischt no der Frist rareecht soulaang ee sech awer bis den 30. Abrëll beworben huet an hinne matgedeelt huet, dass den Diplom nokënnt. Allgemeng bleift ze soen dass méttlerweil vill Korrespondenz per Mail geet. Et lount sech also d'Mailbox regelméisseg ze checken. D'ETH réit souguer, dass een sech bei



hinne mellet (Email: [zulassung@ethz.ch](mailto:zulassung@ethz.ch)) wann een iergendwelch Fristen net kann anhalen oder soss Mëssverständnisse optauchen.

[<https://www.ethz.ch/de/studium/anmeldung-bewerbung/bachelor/andere-qual/bewerbung>]

Fir d'Zouloossung an ee Masterstudiengang gëllen aner Konditiounen an Fristen. Am beschten informéiert een sech beim jeeweilegen Departement. [<http://www.admission.ethz.ch/master>]



## Opnamprüfung

Eng "reduzierte Aufnahmeprüfung" muss theoretesch jiddweree maachen, dee vun de Sektione D, E, F, G kënnt oder dee vun de Sektione B, C kënnt an d'Moyenne net huet. Mir rode jidderengem, deen theoretesch déi reduzéiert Prüfung misst maachen, sech domm ze stellen an trotzdem ze probéieren, sech unzemellen.

Fir déi, déi d'Prüfung trotzdem musse maachen: den Termin fir d'Opnamprüfung ass Mëtt August.

[<https://www.ethz.ch/de/studium/anmeldung-bewerbung/bachelor/andere-qual/eth-aufnahmepruefung>]



Et kann een sech awer net direkt fir d'Opnamprüfung umellen. Fir d'éischt brauch een een Zulassungsentscheid vun der Zulassungsstelle. D'Prüfung selwer ass op Däitsch iwwert Mathé, Physique, Chimie a Biologie.

Den AKAD an d'Privatschoul ExamPrep GmbH (Frau Freimann) bidde Viirbereedungscourse fir den ETH Obnahmexamen un. Dëst geet vu Coursen iwwert ee ganz Semester, bis zu eenzelne Lektione am Summer virun den Examen. De Spaass ass allerdéngs net ganz bëlle. Wann s du plangs d'Opnahmprüfung ze schreiwen, da mell dech einfach beim Comité [[comite@lsz.lu](mailto:comite@lsz.lu)], mir kënnen dech mat Leit verbannen déi d'Obnahmexamen geschriwwen a gepackt hunn. Déi kënnen der wäertvoll Tipps ginn.

[<http://www.akad-college.ch/>]

[<http://www.hochschulvorbereitung.ch/>]

Déi "umfassende Aufnahmeprüfung" däerf jiddweree maachen, egal vu wéi enger Schoul e kënnt. Deen Examen ass equivalent mat der Matura (Première an der Schwäiz).

Ee Joër op der Uni Lëtzebuerg gëtt net ugerechent. Dat geet esouguer sou wäit, datt een, deen d'Moyenne vun 40/60 am Premièresexamen net hat an deen een Joër op der Uni.lu gemaach a gepackt huet, trotzdem nach déi reduzéiert Opnamprüfung maache muss.



Kontaktadress fir Studieninformatiounen an allgemeng Informatiounen:

Mario Foppa  
ETH Zürich, StS, Büro HG F 68.2  
Tel: +41 44 633 28 59  
E-Mail: [mario.foppa@sts.ethz.ch](mailto:mario.foppa@sts.ethz.ch)

Gabriele Kläy Schönenberger  
ETH Zürich, StS, Büro HG F 69.2  
Tel.: +41 (0)44 632 6051  
E-Mail: [gaby.klaey@sts.ethz.ch](mailto:gaby.klaey@sts.ethz.ch)  
[[www.sts.ethz.ch/studienberatung](http://www.sts.ethz.ch/studienberatung)]

Kontaktadress fir d'Umeldung:

Zulassungsstelle  
ETH Zentrum  
Anmeldung Bachelor  
HG F 21.3  
Rämistrasse 101  
CH-8092 Zürich  
Tel.: +41 (0)44 633 82 00  
E-Mail: [zulassung@ethz.ch](mailto:zulassung@ethz.ch)

## D'Uni Zürich

### Wat a wéi studéiert een op der Uni?

All d'Studiegäng déi d'Uni Zürich ubitt fannt der an der Tabell op der nächster Säit.

Den Oflaf vum Studium op der Uni ass net esou fest geregelt wéi op der ETH. Am Prinzip kann ee soen dass de Studium op der Uni, éischter engem Selbststudium entsprécht. Et huet een am Allgemengen net souvill Virlesungsstonne wéi d'Studenten op der ETH, dofir muss een awer ëmsou



méi doheem schaffen, an sech selwer organiséiere kënnen. All weider Detailer fënnt een op der Internetsäit vun der Uni, respektiv am Studienführer deen een an der Rektoratskanzlei ze kafe kritt. [[www.uzh.ch](http://www.uzh.ch)]

### Wéini gëtt een op der Uni ugeholl? Wéi mellt een sech un?

#### Medezin

Den Abléck ginn iwwerhaapt keng auslännesch Studente fir d'Grondausbildung ugeholl. Fir Studenten, déi sech spezialiséiere wëllen, ginn et awer Méiglechkeete fir ugeholl ze ginn.

#### Aner Richtungen

Am Allgemengen ass et méi liicht, fir op der Uni ugeholl ze ginn wéi op der ETH (meeschtens ass keng Moyenne erfuerdert).

Mee opgepasst, opschons op verschidden Websäiten steet, datt een op der Uni ouni Problem ugeholl gëtt wann een d'Première gepackt huet, stëmmt dat net. D'Sectioun A gëtt och op der Uni Zürich net unerkannt. Fir ganz sécher ze goen ass et natierlech am beschten direkt bei der Uni nozefroen ([admission@uzh.ch](mailto:admission@uzh.ch)).

Déi, déi op der Uni Lëtzebuerg ee Joer gemaach a gepackt hunn, kënnen eventuell an dat drëtt Semester opgeholl ginn.

D'Umelle geet am Prinzip d'selwecht wéi bei der ETH - oppassen op d'Terminer. Et kann een sech fir verschidde Studiengäng souwuel am Hierscht- ewéi am Fréijoerssemester umellen. (Am Fréijoerssemester ass den Delai den 30. November, fir d'Hierschtsemester ass et den 30. Abrëll, et kann een sech heiansdo och na méi spéit umellen, mee dat kascht da méi.)

| I. Theologische Fakultät                                                                                                                                                                                                                                                                                                 |                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                              |
|--------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------|--------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------|
| Religionswissenschaften                                                                                                                                                                                                                                                                                                  |                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                              |
| Theologie                                                                                                                                                                                                                                                                                                                |                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                              |
| II. Rechtswissenschaftliche Fakultät                                                                                                                                                                                                                                                                                     |                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                              |
| Rechtswissenschaft                                                                                                                                                                                                                                                                                                       |                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                              |
| III. Wirtschaftswissenschaftliche Fakultät                                                                                                                                                                                                                                                                               |                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                              |
| Wirtschaftswissenschaften                                                                                                                                                                                                                                                                                                | Vertiefungsrichtungen:<br>Banking and Finance, Betriebswirtschaftslehre, Management and Economics, Volkswirtschaftslehre                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                     |
| Informatik                                                                                                                                                                                                                                                                                                               |                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                              |
| IV. Medizinische Fakultät                                                                                                                                                                                                                                                                                                |                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                              |
| Humanmedizin                                                                                                                                                                                                                                                                                                             |                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                              |
| Zahnmedizin                                                                                                                                                                                                                                                                                                              |                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                              |
| V. Veterinärmedizinische Fakultät                                                                                                                                                                                                                                                                                        |                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                              |
| Veterinärmedizin                                                                                                                                                                                                                                                                                                         |                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                              |
| VI. Philosophische Fakultät                                                                                                                                                                                                                                                                                              |                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                              |
| Psychologie                                                                                                                                                                                                                                                                                                              |                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                              |
| Sozialwissenschaften                                                                                                                                                                                                                                                                                                     | Politikwissenschaften, Publizistik- und Kommunikationswissenschaften, Soziologie<br>Ethnologie, Populäre Kulturen                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                            |
| Arts                                                                                                                                                                                                                                                                                                                     | Erziehungswissenschaften, Englische Sprach- und Literaturwissenschaft, Griechische Sprach- und Literaturwissenschaft, Islamwissenschaft, Japanologie, Lateinische Sprach- und Literaturwissenschaften, Osteuropastudien, Prähistorische Archäologie und Humanökologie, Sinologie, Vergleichende Indogermanische Sprachwissenschaft, Vergleichende Romanische Sprachwissenschaft, Allgemeine Geschichte, Allgemeine Sprachwissenschaft, Computerlinguistik und Sprachtechnologie, Deutsche Sprach- und Literaturwissenschaft, Französische Sprach- und Literaturwissenschaft, Italienische Sprach- und Literaturwissenschaft, Klassische Archäologie, Kulturwissenschaft der Antike I, Kulturwissenschaft der Antike II, Kunstgeschichte, Kunstgeschichte Ostasiens, Musikwissenschaft, Osteuropäische Geschichte, Philosophie, Sinologie f. native Speakers, Klassische Sinologie, Moderne Sinologie, Skandinavistik, Slavische Sprach- und Literaturwissenschaft, Spanische Sprach- und Literaturwissenschaft, Vergleichende germanische Sprachwissenschaft |
| VII. Mathematisch- Naturwissenschaftliche Fakultät                                                                                                                                                                                                                                                                       |                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                              |
| <i>Bachelor und Master:</i><br>Biochemie : Biology Track, Chemistry/Biophysics Track<br>Biomedizin<br>Biologie<br>Chemie<br>Erdwissenschaften<br>Geographie<br>Mathematik<br>Physik<br>Wirtschaftschemie<br>Nebenfächer: Astrophysik, Bioinformatik, Informatik, Kristallographie, Neuroinformatik, Umweltwissenschaften |                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                              |
| <i>Ausschliesslich Master:</i><br>Computational Science<br>Computergestützte Biologie und Bioinformatik<br>Medizinische Biologie<br>Neuronale Systeme und Informationsverarbeitung                                                                                                                                       |                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                              |

#### Kontaktadress für Studieninformationen:

Universität Zürich  
Universitätskanzlei  
Rämistrasse 71  
CH-8006 Zürich  
[www.uzh.ch]

#### Kontaktadress für d'Umeldung:

Universität Zürich  
Ressort Studierende  
Zulassungsstelle für Studierende mit ausländischer Vorbildung  
KOL F 107  
Rämistrasse 71  
CH-8006 Zürich  
Tel.: +41 (0)44 634 22 36  
E-Mail: admission@uzh.ch






## Wat soss nach wichtege ass

### Logement

Wann een d'Zuel vun de Studente kuckt, ginn et zu Zürich net besonnesch vill Studentenheimer, dofir wunnen déi meescht och privat. Wann s de op der Sich no enger Bud bass, da géff drop Uecht, datt deemno wéi ee Studiegang dass de wiels, deng Virliesungen entweder am Zentrum oder um Höggerberg sinn. De Loyer vun enger Eenzelwunneng ass tëschent 800 an 1300 Schwäizer Frang, jee no Lag a Confort; wat d'Kummer méi no beim Zentrum ass, wat se



och méi deier ass. Et ass allerdéngs och méiglech eng Wunneng ënnert 800 Frang ze fannen. Zürich huet formidabel Bus- an Tramverbindungen (awer nëmme bis ca. 0:15 Auer), dofir kann et sech och lounen eng Kummer ze huelen déi net direkt bei der Schoul ass. Ier s de eng Kummer definitiv hëlls, pass op d'Niewekäschten (Stroum, Waasser, Heizung) an op d'Kënnegungsfrist op. Fänk am beschten schon Ufank Juni mat der Sich un.

Op folgende Platze kanns de dech informéiere, wou nach Kummeren ze kréie sinn:

Zimmer- und Wohnungsvermittlung ETH/Uni  
Sonneggstrasse 27  
CH-8006 Zürich  
Tel.: +41 (0)44 632 2037  
Fax: +41 (0)44 261 8413  
E-Mail: [zimmervermittlung@rektorat.ethz.ch](mailto:zimmervermittlung@rektorat.ethz.ch)  
[\[www.wohnen.ethz.ch\]](http://www.wohnen.ethz.ch)

Et brauch een normalerweise een ETH/Uni-Login fir de Service ze notzen. Wann s de nach keen hues, kanns de probéieren unzeruffen oder eng Mail ze schreiwen an deng Situatioun ze erklären.

WOKO - Studentische Wohngenossenschaft  
Leonhardstrasse 15  
CH-8001 Zürich  
Tel.: +41 (0)44 632 42 90  
Fax: +41 (0)44 632 1106  
E-Mail: [woko@woko.ch](mailto:woko@woko.ch)  
[\[www.woko.ch\]](http://www.woko.ch)

Der WOKO gehéieren eng ganz Rei bälleg Studentenheimer, mee si hu laang Waardelëschten. (ongeféier 2-8 Méint) Et ass awer ganz interessant sech hei fréi unzemellen. Mat enger propperer a gudder Bewerbung stinn d'Chancen nämlech ganz gutt. Vill vun de WG Zëmmere ginn och direkt iwwer d'Mieter bei aneren Internetsäiten ausgeschriwwen.  
[\[www.wgzimmer.ch\]](http://www.wgzimmer.ch)

Um Campus Höggerberg vun der ETH sinn 2016 nei Studentewunnungen opgaangen an deenen all ETH-Student d'Méiglechkeet huet fir wéineg Geld ze wunnen, et muss een sech allerdéngs scho frei genuch mellen. Umellen kann een sech online.  
[\[www.livingscience.ch\]](http://www.livingscience.ch) [\[studentvillage.ch\]](http://studentvillage.ch)



Falls du soss nach Froe bei der Wunnengssich solls hunn, kanns du dech gären un eise Comité [[comite@lsz.lu](mailto:comite@lsz.lu)] wenden. Wann eis nach Wunnengen sollten bekannt sinn, déi grad fräi gi sinn, gi mir dir déi Adresse gäre weider.

### Zeitungen (z.B.)

- Neue Zürcher Zeitung (Dageszeitung)  
[[www.nzz.domizil.ch](http://www.nzz.domizil.ch)]
- Tagesanzeiger (Dageszeitung)  
[[immobilien.tagesanzeiger.ch](http://immobilien.tagesanzeiger.ch)]
- Tagblatt (Dageszeitung, gratis)  
[[www.tagblatt-zuerich.ch](http://www.tagblatt-zuerich.ch)]
- WOZ (Wochenzeitung) [[www.woz.ch](http://www.woz.ch)]
- Fundgrube (Wochenzeitung)  
[[www.fundgrube.ch](http://www.fundgrube.ch)]
- Uschlagbrieder vun der ETH an der Uni

### Internet

[[www.homegate.ch](http://www.homegate.ch)]  
 [[www.immoclick.ch](http://www.immoclick.ch)]  
 [[www.immo-online.ch](http://www.immo-online.ch)]  
 [[www.immovista.ch](http://www.immovista.ch)]  
 [[www.immoscout24.ch](http://www.immoscout24.ch)]  
 [[www.home24.ch](http://www.home24.ch)]  
 [[www.comparis.ch/immobilien/](http://www.comparis.ch/immobilien/)]  
 [[www.immostreet.ch](http://www.immostreet.ch)]  
 [[www.marktplatz.ethz.ch](http://www.marktplatz.ethz.ch)]

An der Zimmer- und Wohnungsvermittlungsstelle vun der ETH kriss de eng kleng Brochure "Wohnbulletin", déi dir och weiderhëlfe kann.

### Openthaltsbewëllegung an Umeldung zu Zürich

Fir an der Schwäiz ze wunne braucht de eng Openthaltsbewëllegung. Wann s de an deng Wunneng eraplënners, da muss de dech an deem fir däi Krees zoustännege Kreesbüro umellen (fro deen, deen der d'Wunneng verlount huet, wou deen as).


Do muss du och eng Demande fir eng Openthaltsbewëllegung maachen. Dofir braucht de:

- en Auswäis, deen nach op mannst 1 Joer gültig ass
- 1 rezent Foto
- Studiumsbestätigung (Legitimationskarte)
- eng Bescheinigung vun dengem Elteren, datt si fir däi Studium opkommen.

Dobäi kann et sech z.B. och ëm eng Bescheinigung vun der Bank handeln, déi bestätegt, datt deng Elteren iwwer déi néideg finanziell Moyenen verfügen fir der de Studium an der Schwäiz ze bezuelen.

D'Openthaltsbewëllegung gëllt nëmme fir 1 Joer (gëtt all Joer erneiert) a kascht 65 Schwäizer Frang. Ausgestallt gëtt dëss Bewëllegung vum:

Migrationsamt des Kantons Zürich  
 CH-8090 Zürich  
 Tel.: 043 / 259 8800  
 Fax.: 043 / 259 8810  
 E-Mail: [info@ma.zh.ch](mailto:info@ma.zh.ch)



Déi néideg Démarchen iwwerhëllt awer wéi gesoot d'Kreesamt wann een sech bis do ugemellt huet.

[[http://www.ma.zh.ch/internet/sicherheitsdirektion/migrationsamt/de/einreise\\_aufenthalt.html](http://www.ma.zh.ch/internet/sicherheitsdirektion/migrationsamt/de/einreise_aufenthalt.html)]

### Wat kascht wéivill?

#### Semestergeld

ETH: CHF 580.- pro Semester (Dobäi kommen nach ongeféier CHF 64.- Niewekäschten, zum Beispill den obligatoresche Bäitrag fir de VSETH, ASVZ, ...).

UZH: CHF 790.- pro Semester.

[<http://www.uzh.ch/studies/application/generalinformation/fees.html>]

Wann s de dech zu Lëtzebuerg fir d'Aide Financière umells, da kriss de ongeféier d'Halschent vum Semestergeld rembourséiert.

[[www.cedies.lu](http://www.cedies.lu)]

### Loyer

CHF 800-1300.- pro Mount, ofhängeg vu Lag a Confort. Däi Loyer hängk staark dovun of, waats du fir Erwaardungen un deng Wunneng hues. An enger WG ass et kee Problem eppes fir CHF 600-800.- ze fannen.

### Bicher a Material

ca. CHF 300.- pro Semester (hängk vum Studiegang of).

D'Architekturstudente brauche relativ vill Material an all déi, déi am Labo schaffen, müssen nach mat zousätzleche Käschte vun ca. CHF 200 – 400.- pro Semester rechnen (Studiegäng Biologie a Chimie).

### Liewenskäschten

ca. CHF 700.- pro Mount (staark variabel; hängk vum perséinleche Liewensstil of).

### Tram

Demno wéi laang, dass de während dem Joer zu Zürich wunns (iwwer 9 Méint) lount et sech ee Joresabonnement fir CHF 549.- ze huelen.

[[www.vbz.ch](http://www.vbz.ch)] [[www.zvv.ch](http://www.zvv.ch)]

### Telefon

Däin Uschloss muss du dir vun der Swisscom fraischalte loossen. Deen Telefon Provider, mat deem een telefonéiere wëll, kann een sech fräi erauswielen. Do bezilt een dann nëmmen nach d'Gespréichskäschten, déi ufalen.

[[www.swisscom-fixnet.ch](http://www.swisscom-fixnet.ch)] [[www.tele2.ch](http://www.tele2.ch)]  
[[www.sunrise.ch](http://www.sunrise.ch)]

Den Telefonsuschloss kann een awer och bei der Cablecom (Telefon iwwer d'Antenne vun der Televisioun) huelen.

[[www.cablecom.ch/digitalphone](http://www.cablecom.ch/digitalphone)]

Op alle Fall lount et sech hei awer, déi verschidden aktuell Offere mateneen ze vergläichen. Fir an d'Ausland ze telefonéieren ass et oft besonnesch gönschteg wann een eng Zougangsnummer virun där normaler Rufnummer wielt.

[[www.helvatel.ch](http://www.helvatel.ch)]

Di meescht Studenten zu Zürich hunn awer kee Festnetz-Telefon, meeschtens ass ee souwisou net doheem, an d'Handy-Tariffer fir In- an Ausland sinn

ähnlech wéi déi vum Festnetz.

### Internet


Et gi verschidde Méiglechkeeten Accès un den Internet ze kréien. Déi éischt ass iwwer Modem oder ADSL bei den entspriechenden Telefon Provideren.

[[www.bluewin.ch](http://www.bluewin.ch)] [[www.tele2.ch](http://www.tele2.ch)] [[www.sunrise.ch](http://www.sunrise.ch)]

Et gëtt och e grousst Glasfasernetz zu Zürich, wou der all Informatiounen op hirer Websäit fannt.

[[https://www.stadt-zuerich.ch/ewz/de/index/telecom/ewz\\_zuerinet.html](https://www.stadt-zuerich.ch/ewz/de/index/telecom/ewz_zuerinet.html)]

Eng aner Méiglechkeet ass iwwer d'Antenne vun der Televisioun. Heifir kritt een een extra Modem vun der



Cablecom zur Verfügung stellt. Bei der Cablecom kritt een als ETH Student speziell Präisser. Heiansdo rentéiert et sech awer fir d'éischt eng Offer vun der Cablecom ze huelen an dann op d'Offer vun der ETH ze wiesselen.

[[www.cablecom.ch](http://www.cablecom.ch)] [[www1.ethz.ch/id/servicedesk/cablecom](http://www1.ethz.ch/id/servicedesk/cablecom)]

### Handy

Du hues ee groussen Choix u Provideren, mat Offeren déi staark änneren, jee nodem obs de vill am Ausland oder an der Schwäiz telefonéiers. Nodeems d'Roamingkäschten an da EU gefall sinn, hun och vill lëtzebuerger Provider hier Roaming-Käschten fir d'Schwäiz falen gelooss. Ed mëscht also Sënn och déi lëtzebuerger Tariffer fir europäesch Kommunikatioun ze betruuechten. [[www.swisscom.ch](http://www.swisscom.ch)] [[www.tele2.ch](http://www.tele2.ch)] [[www.sunrise.ch](http://www.sunrise.ch)] [[www.salt.ch](http://www.salt.ch)] [[www.m-budget-mobile.ch](http://www.m-budget-mobile.ch)] [[www.yallo.ch](http://www.yallo.ch)]

### Poubelle


Fir däi Knascht zu Zürich z'entsuerge brauchst de speziell Poubellssäck, sougenannten "Züri-Säcke". Dës kriss de an all Liewensmüttelbuttek (Coop, Migros, Spar, etc.).

[[www.erz.ch](http://www.erz.ch)]

### Velosvignette

Eng Velosvignette ass an der Schwäiz zwar net méi obligatoresch, mee bidd der awer eng Versécherung am Fall vun engem Accident. Et kann een se online bestellen oder am Coop, an der Migros oder an der Post kafen.

[[www.velovignette.ch](http://www.velovignette.ch)]



### Telvisioun a Radio

Wéi an Däitschland muss een sech an der Schwäiz melle, wann een e Radio oder eng Télé huet, fir Rundfunkgebühren ze bezuelen. Allerdéngs rode mir dir ze waarden bis d'BILLAG (deene misst de dës Sue ginn) sech bei dir mell, da kanns de e bësse vun dengem wéinege Geld e puer Méint spueren. D'Präisser sinn CHF 169.15 pro Joer fir Radio an CHF 293.25 pro Joer fir eng Télé, oder CHF 42.30 fir 3 Méint fir Radio a CHF 73.30 fir 3 Meint fir eng Télé. Wann een déi Optioun vun enger Rechnung all 3 Méint wíelt, muss een nach zousätzlech CHF 2.- pro Rechnung bezuelen. Säit neistem ass all Apparat deen Fernseh- oder Radioprogrammer empfangen kann gebührenpflichteg. Dozou gehéieren also och z.B. den Computer oder den Handy.

[[www.billag.ch](http://www.billag.ch)]

### Wou kommen d'Suen hir, wou ginn se hin?

Soubal s de eng Wunneng an eng Openthaltsbewëllegung hues, kanns de e Kont bei enger Bank oder bei der Post opmaachen. Verschidde

Banken hu speziell Studentekonten, wous de keng "frais de compte" bezuele muss an zum Deel och eng gratis VISA/MasterCard kriss.

[[www.postfinance.ch](http://www.postfinance.ch)] [[www.ubs.ch](http://www.ubs.ch)]

[[www.credit-suisse.ch](http://www.credit-suisse.ch)] [[www.zkb.ch](http://www.zkb.ch)]

Bei der ETH kanns de scho vum 3. Semester (ofhängeg vun dem Departement) un als Hëllefssassistent schaffen (Übungen a Praktika betreien, Computer antippen). Do verdéngs de ongeféier 28 Schweizer Frang brutto pro Stonn.

### Verschiddenes

#### Auto: Führerschäin a parken

Wann een an der Schwäiz wunnt, däerf een dem Gesetz no just dat éischt Joer mat auslänneschem Führerschäin Auto fueren. Lëtzebuerg gëtt awer als "grenznahes Ausland" ugesinn an dofir kënnen d'Lëtzebuurger Studenten nom éischten Joer eng "Bewilligung zum Benutzen eines unverzollten Fahrzeuges" kréien. Dat heescht: All Student mat dëser Bewëllegung däerf mat sengem Auto mat lëtzebuergeschem Nummerschëld an Assurance ganz legal an der Schwäiz fueren. Dofir gees de bei d'"Zollamt".

Mathuele muss de:

- Pass/Identitéitskaart
- Pabeiere vum Auto
- Legi
- Auslännerausweis
- CHF 25.-

Da kriss de nach en Ziedel auszufüllen, op deem se all méiglech Saache wësse wëllen; schreif drop, du giffs zwee Mol pro Mount heemfuere fir deng Famill ze besichen an du wäers an der Semestervakanz net hei. Duerno kriss de d'Bewëllegung dann heemgeschéckt.

Allerdéngs brauch een dann nach eng Bewëllegung fir mat sengem lëtzebuergesche Führerschäin an der Schwäiz fueren ze kënnen. Dës Demande gëtt vum Zollamt un d'Strassenverkehrsamt virugeleet, déi engem déi entspriechend Pabeieren dann zouschéckt.

[[www.stva.zh.ch](http://www.stva.zh.ch)]

Eng aner Méiglechkeet besteet dran däi lëtzebuerger Führerschäin an e schwäizer Führerschäin ëmzeschreiwen. Wat s de heifir maache muss ass folgendes: du gees op d' Websäit [<http://www.stva.zh.ch/internet/sicherheitsdirektion/stva/de/StVAaw/AWumschreib.html>] a lueds de Formulaire "Gesuch Umschreibung ausländischer Führerausweis" erof. Dee félls de aus an hëls e mat bei en Optiker fir e Sehtest ze maachen. Duerno gëss de en um Strassenverkehrsamt zesumme mam lëtzebuerger Führerschäin of. Däin neie schwäizer Führerschäin hues de dann e puer Deeg duerno an der Post. Dat ganzt kascht ongeféier 100 CHF plus 10 CHF fir de Sehtest. Opgepasst: wann s du en eegenen Auto mat lëtzebuerger Plaque hues, da geet dat hei net. Dann muss de Prozedur, déi uewe beschriwwen ass, duerchlafen. Fir de Führerschäin ëmzeschreiwen hues de 5 Joer Zäit no deem s de an d'Schwäiz geplënnert bass. Wann s de also herno eventuell do schaffe wëlls, dann denk drun et ze maachen. Soss muss de den Exame frësch maachen.

Wann s de mam Auto op Zürich kënns, hues de zwou Méiglechkeeten däin Auto ze parken, entweder an enger Déifgarage op der ETH-Hönggerberg oder zu Zürich selwer op der Strooss, an der sougenannter „Blauen Zone“. Dofir brauchst de allerdéngs eng Parkbewilligung, déi s de bei der „Dienstabteilung Verkehr“ kriss, an den Auto muss op dech agedroe sinn (gro Kaart). Di éischt Méiglechkeet (ETH) kascht CHF 400.- d'Joer, déi zweet CHF 240.-. Fir all Besuch besteet d'Méiglechkeet online eng Parkkaart fir een Dag fir CHF 15.- ze kafen.

[[www.parkkarten.ch](http://www.parkkarten.ch)]

### Mensa

Zimlech bëlle kanns de an de Mensaen a Cafeteriae vun der ETH an der Uni iessen. Am Verglach zu villen auslännesche Mensaen ass d'ETH- an d'Uni-Mensa lesse gutt bis excellent. Du kanns all Mëtten an all Owend tëschent 4 bis 6 verschidden Menüen tëschent CHF 5.40 an CHF 13.- wielen. D'Mensa ass och Samschdes an an der Vakanz op.

[[www.gastro.ethz.ch](http://www.gastro.ethz.ch)] [[www.mensa.uzh.ch](http://www.mensa.uzh.ch)]

### Sport

All Student ass automatesch Member vum "Akademischen Sportverein Zürich" (ASVZ). Dee Veräin bitt der iwwer 120 Sportarten un. Zousätzlech kanns de och an enger vun den LSZ-

Equippen (Lafen, Schwammen, Fussball, Volleyball, Basketball...) matspillen. [[www.asvz.ch](http://www.asvz.ch)]

Ausserdeem bedeelegt den LSZ sech all Joer un diversen Aktivitéite vum ASVZ, ewéi zum Beispill d'"Volleyballnight" (hei gëtt eng ganz Nuecht laang Volleyball gespillt) oder der SOLA-Stafette (Mir lafen eng Streck vu ronn 120 km an enger Equipe vu 14 Leit duerch ganz Zürich).

### Bibliothéiken

All ETH-Student däerf d'Hauptbibliothék (Hauptgebai H-Stack) an d'Bibliothék vun deenen eenzelnen Abteilungen fir näischt benotzen.



D'Hauptbibliothék huet déi gréisst Sammlung vu wëssenschaftlecher Literatur an Europa, an e ganz modernt elektronesch Bestellsystem (Du kanns esouguer vun doheem deng Bicher iwwer Internet bestellen, oder an eng aaner Bibliothék liwweren loossen). [[www.ethbib.ethz.ch](http://www.ethbib.ethz.ch)]

An der Zentralbibliothék Zürich, Zähringerplatz 6, 8025 Zürich gëss de och automatesch Member a kanns vun hire Bicher profitéieren. [[www.zb.uzh.ch](http://www.zb.uzh.ch)]

### Krankeversécherung

Well all Lëtzebuerger schon zu Lëtzebuerg krankeverséiert ass, kann een hei an der Schwäiz e "Gesuch zur Befreiung von der Versicherungspflicht" stellen. Soss muss een an eng Schwäizer Krankees abezuelen.

Wat een dofir mécht ass folgendes: et waart een, bis d'"Städtische Gesundheitsdienste" sech bei engem mellt (normalerweis innerhalb vun dräi Méint). Deene schéckt een dann eng Kopie vun



senger europäischer Krankenversicherungskarte an et füllt een den Formular aus, datt een sech vun der Versicherungsspflicht befreie wëll. Dës Formular fënns de um Internet.

[[http://www.gd.zh.ch/internet/gesundheitsdirektion/de/themen/bevoelkerung/krankenversicherung/formulare\\_obligatorische\\_krankenversicherung.html](http://www.gd.zh.ch/internet/gesundheitsdirektion/de/themen/bevoelkerung/krankenversicherung/formulare_obligatorische_krankenversicherung.html) den "Antragsformular"]

Et schéckt een de "Städtische Gesundheitsdienste" déi ganz Demande, déi dann an d'"Gesundheitsdirektion des Kantons Zürich" weidergeleet gëtt. Dës lescht schéckt der dann och déi definitiv Verfügung, déi 3 Joer gutt ass.



Wann een dann eng Kéier sollt krank ginn, brauch een nëmmen nach d'Schwäizer Doktersrechnung, mat Ugab vu senger Adresse a Kontosnummer, zesumme mat enger Kopie vun der europäischer Krankenversicherungskarte un d'

Gemeinsame Einrichtung KVG  
Gibelinstrasse 25  
Postfach  
CH-4503 Solothurn  
[[www.kvg.org](http://www.kvg.org)]

ze schécken. Wann dat bis geschitt ass, kritt een an Zukunft all seng Schwäizer Dokter- a Medikamenter-Rechnungen direkt vun de Schwäizer an no Schwäizer Recht zeréck bezuelt (déi dann erëm d'Sue vun der Lëtzeburgergescher Krankekes zeréckverlaangen). Bei grouse Behandlungen ass dat méi wéi de lëtzeburger Tarif an et huet och de Virdeel dass een net muss iwwert déi lëtzeburger Krankekes fueren.

Déi europäesch Krankenversicherungskarte soll een iwwregens ëmmer bei sech halen.

## Rees Lëtzebuerg – Zürich

Déi 2 meescht benotzte Méiglechkeeten, fir vu Lëtzebuerg op Zürich ze kommen, sinn:

Den Zuch: d'Verbindunge sinn excellent an d'Rees dauert knapp 5 Stonnen (iwwert Stroossbuerg a Basel). Den Trajet Aller-Retour kascht tëschent EUR 80.- bis EUR 160.-, jee nodeems wéi eng Zuchabonnementer s du hues (Carte 12-25, Halb-Tax, Gleis 7). Am meeschten bréngt d'"Carte 12-25" vun der franséischer Bunn. Kafen kann een déi fir EUR 50.- an der Staater Gare, et spuert een dann EUR 30.- pro Aller-Retour. Fir déi voll Reduktioun ze kréie muss een den Ticket allerdéngs zu Lëtzebuerg oder a Frankräich huelen.

[[www.sbb.ch](http://www.sbb.ch)] [[www.cfl.lu](http://www.cfl.lu)] [[www.cedies.public.lu/vie\\_etudiante/cout\\_de\\_la\\_vie/index.html](http://www.cedies.public.lu/vie_etudiante/cout_de_la_vie/index.html)]

Den Auto: bal all Weekend fiert ee vun de Lëtzeburger mam Auto heem. Wann en nach eng Plaz am Auto huet, hëlt en dech gäre mat. Dauer: ongeféier 4 bis 4:30 Stonnen (hängt vum Auto, Chauffeur a vun der Streck of)

Di bescht Strecke sinn:

- a Frankräich:
  1. Autobunn Lëtzebuerg - Stroossbuerg, an dann iwwert déi däitsch oder déi franséisch Säit op Basel.
  2. Autobunn Lëtzebuerg - Stroossbuerg, virun Stroossbuerg Sortie Saverne an dann bis op Molsheim, wou een erëm op d'Autobunn zeréck kënnt. Dann iwwert déi däitsch oder déi franséisch Säit op Basel.
  3. Nancy, Lunéville an de "Col du Bonhomme" op Colmar, an dann iwwert déi däitsch oder déi franséisch Säit op Basel.
  4. Nancy, Lunéville an den Tunnel duerch d'Vogesen, laanscht Sainte-Marie-aux-Mines op Sélestat an dann iwwert d'Autobunn op Basel.
    - (1) an (2) geet ongeféier 30 Minuten méi séier wéi (3) an (4), mee (1) ass ~50 km méi wäit (d.h. méi Spritverbrauch) an op der Autobunn as Péage (~12€) an fir (2) (~8€). (3) an (4) hunn ~50-80 km Landstrooss.
- an der Schwäiz: Autobunn Basel - Zürich; an der Schwäiz ass Vignettepflicht op der Autobunn (CHF 40.-/Joer)

## Den LSZ de Club vun de Lëtzebuerger Studenten zu Zürich



Den LSZ ass awer net nëmmen ee Party-Club, mee du kanns beim Comité och bei allméigleche Problemer ufroen, mir hunn oft eng Léisung oder wësse ween der ka weider hëllef.

Wann s de wëlls Member ginn, da muss de CHF 20.- pro Joer bezuelen an dech aweie loossen (looss dech iwwerraschen, et ass awer net esou schlëmm!). D'Memberskaarte gëtt et bei eis all Joer ab Enn Oktober no der Assemblée Générale ze kafen.

Natierlech däerf een eis net vergiessen, den LSZ, d'Lëtzebuerger Studenten zu Zürich. Mir suergen derfir, datt d'Leit sech net esou eleng fillen, an nieft dem Schwyzerdütsch och nach heiansdo Lëtzebuergesch ze héiere kréien. Mee wat bitt eise Club?

- sportlech Aktivitéiten (SOLA, Hochschulmeisterschaften, Swisscup...)
- den Zürcher Bal an der LuxExpo
- ee Bal an lessen zu Zürich am Mee (SPL)
- eng Réceptioun beim Ambassadeur zu Bern fir Nationalfeierdag
- Kleeserchersowend
- Grillparty am Fréijoer
- Virstellung, Stee an Aweigung vun deenen neien LSZ'ler
- ee Städtetrip am Fréijoer
- an natierlech, wéi kann et anescht sinn, e Schiweekend



[[www.lsz.lu](http://www.lsz.lu)]





## Weider Informatiounen

Den LSZ organiséiert awer net nëmme Fester, Vakanzen a Weekender, mee hëlleft selbstverständlech jidderengem dee sech fir e Studium zu Zürich interesséiert. Wann s de nach Informatiounen braucht, da schéck eis eng Email oder schreif un eis Kontaktadress:

Étudiants Luxembourgeois à Zurich  
Postfach: Hauptgebäude ETH  
CH-8092 Zürich  
E-Mail: [comite@lsz.lu](mailto:comite@lsz.lu)  
[\[www.lsz.lu\]](http://www.lsz.lu)



Mee déi bescht Informatiounen an Impressiounen kriss du, wann s du eis eng Kéier an d'Schwäiz besiche kënns fir der d'Stad Zürich, d'ETH an d'Uni unzekucken. Zéck net dech bei eis ze melle wann s de eng Visite zu Zürich plangs.

Op eiser Homepage fënns de weider interessant Linken zum Thema Studium an Zürich awer och Kontaktdate vum Comité a Memberen fir der bei allfällegen Froen ze hëllef. [\[www.lsz.lu\]](http://www.lsz.lu)

Am "Guide du Futur Etudiant" vun der ACEL an an der Brochür "Let's Engineer" vun der ANEIL sti weider Informatiounen iwwert de Studium zu Zürich an déi meescht technesch a wëssenschaftlech Studiefächer. [\[www.acel.lu\]](http://www.acel.lu) [\[www.aneil.lu\]](http://www.aneil.lu)

De CEDIES steet dir och fir (bal) all Informatiounen mat weidere Brochuren a Publikatiounen zur Verfügung. [\[www.cedies.lu\]](http://www.cedies.lu)

Zu Zürich gëtt et och en Internet-Portal vun de Studente mat alle méiglechen Informatiounen. [\[www.students.ch\]](http://www.students.ch)



## All wichtige Adressen op ee Bléck



Eidgenössische Technische Hochschule Zürich (ETHZ)  
Zulassungsstelle  
ETH Zentrum  
CH-8092 Zürich  
Tel.: +41 (0)44 633 82 00  
Homepage: [www.ethz.ch/de/studium/bachelor](http://www.ethz.ch/de/studium/bachelor)  
[www.admission.ethz.ch](http://www.admission.ethz.ch)  
E-Mail: [zulassung@ethz.ch](mailto:zulassung@ethz.ch)

Universität Zürich  
Universitätskanzlei  
Rämistrasse 71  
CH-8006 Zürich  
Tel.: +41 (0)44 634 1111  
Homepage: [www.uzh.ch](http://www.uzh.ch)  
E-Mail: [kanzlei@uzh.ch](mailto:kanzlei@uzh.ch)  
Zulassungsstelle  
Tel. +41 44 634 22 36  
E-Mail: [admission@uzh.ch](mailto:admission@uzh.ch)

Étudiants Luxembourgeois à Zurich a.s.b.l. (LSZ)  
Postfach: Hauptgebäude ETH  
CH-8092 Zürich  
Homepage: [www.lsz.lu](http://www.lsz.lu)  
E-Mail: [comite@lsz.lu](mailto:comite@lsz.lu)

Association des Cercles d'Étudiants Luxembourgeois (ACEL)  
87, route de Thionville  
L-2611 Luxembourg  
Homepage: [www.acel.lu](http://www.acel.lu)  
E-mail: [contact@acel.lu](mailto:contact@acel.lu)

Association Nationale des Étudiants Ingénieurs Luxembourgeois (ANEIL)  
4, bd Grande-Duchesse Charlotte  
L-1330 Luxembourg  
Homepage: [www.aneil.lu](http://www.aneil.lu)

Centre de Documentation et d'Informations sur l'Enseignement Supérieur (CEDIES)  
18-20 Montée de la Pétrusse  
L-2327 Luxembourg  
Tel.: 478 8650  
Homepage: [www.cedies.lu](http://www.cedies.lu)  
E-Mail: [cedies@mcesr.etat.lu](mailto:cedies@mcesr.etat.lu)

Ambassade du Luxembourg  
Monsieur Marc Thill  
Ambassadeur extraordinaire et plénipotentiaire  
45, Kramgasse, B.P. 619  
CH-3000 Bern 8  
Tel.: +41 (0)31 22 4732 oder +41 (0)31 22 6876  
Fax: +41 (0)31 311 0019  
E-mail: [berne.amb@mae.etat.lu](mailto:berne.amb@mae.etat.lu)  
E-mail Konsulat: [berne.consulat@mae.etat.lu](mailto:berne.consulat@mae.etat.lu)

Ambassade de Suisse  
Immeuble Forum Royal  
25a, Boulevard Royal  
3ème étage  
L-2449 LUXEMBOURG  
Tel.: +352 22 74 74-1  
Fax: +352 22 74 74-20  
Adresse postale:  
Ambassade de Suisse  
B.P. 469  
L-2014 Luxembourg  
E-mail: [vertretung@lux.rep.admin.ch](mailto:vertretung@lux.rep.admin.ch)  
<http://www.eda.admin.ch/luxembourg>



An hei nach e puer Adressen vu weidere Schoulen zu a ronderëm Zürech:

HSR Hochschule für Technik Rapperswil  
Oberseestrasse 10  
Postfach 1475  
CH-8640 Rapperswil  
Tel.: +41 (0)55 222 4111  
Fax: +41 (0)55 222 4400  
Homepage: [www.hsr.ch](http://www.hsr.ch)  
E-Mail: [office@hsr.ch](mailto:office@hsr.ch)

Zürcher Hochschule der Künste  
Ausstellungsstrasse 60  
CH-8031 Zürich  
Tel.: +41 (0)43 446 4646 (Zentrale)  
Fax: +41 (0)43 446 4587 (Zentrale)  
Homepage: [www.zhdk.ch](http://www.zhdk.ch)  
E-Mail: [rektorat@hgkz.ch](mailto:rektorat@hgkz.ch)

Kaderschule Zürich  
(in der Kantonschule Enge)  
Steinentischstrasse 10  
CH-8002 Zürich  
Tel.: +41 (0)44 284 2080  
Fax: +41 (0)44 284 2081  
Homepage: [www.kszh.ch](http://www.kszh.ch)  
E-Mail: [sekretariat@kszh.ch](mailto:sekretariat@kszh.ch)

Zürcher Hochschule für Angewandte Wissenschaften  
Technikumstrasse 9  
CH-8401 Winterthur  
Tel: + 41 (0)58 934 71 71  
Fax: +41 (0)58 935 71 71  
Homepage: [www.zhaw.ch](http://www.zhaw.ch)

All dës Schoulen huelen Ausländer un, mee et sollt een sech awer vergewësseren ob a wéi d'Diplomer hei zu Lëtzebuerg oder an Europa unerkannt sinn.



# Impressum

## Editeur

Lëtzebuurger Studenten Zürich a.s.b.l.  
Postfach Hauptgebäude ETH  
CH-8092 Zürich  
Homepage: [www.lsz.lu](http://www.lsz.lu)  
E-Mail: [comite@lsz.lu](mailto:comite@lsz.lu)

## Redakteren

|              |                                                                                                                                                                                  |
|--------------|----------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------|
| Edition 2000 | Christian Cortina, Sophie Maurer, Luc Zwank et al.                                                                                                                               |
| Update 2001  | Caroline Heintz, Françoise Molitor, Véronique Gondoin, Michel Dhur, Gilles Radrizzi, Benoît Steinmetz, Brian Burg, Oliver Offermann, Philippe Osch, Jérôme Peeters, Mathis Bruck |
| Update 2002  | Mike Dusseldorf, Brian Burg, Gilles Radrizzi, Oliver Hames                                                                                                                       |
| Update 2004  | Brian Burg, Anne Feidt                                                                                                                                                           |
| Update 2005  | Philippe Kieffer, Steve Heinen, Yves Leiner                                                                                                                                      |
| Update 2006  | Robert Cuny, Vincent Diederich, Isabelle Henschen, Philippe Kieffer, Nicolas Jost, Gil Georges, Annick Schmartz                                                                  |
| Update 2007  | Robert Cuny, Stéphanie Michels                                                                                                                                                   |
| Update 2008  | Daniel Michels, Claude Leyder                                                                                                                                                    |
| Update 2009  | Anne Claude, Isabelle Maassen, Luc Oth                                                                                                                                           |
| Update 2010  | Claude Pletsch, Christoph Reckinger                                                                                                                                              |
| Update 2011  | Jean-Michel Sassel                                                                                                                                                               |
| Update 2012  | Maurice Delcourt, Marc Sinner                                                                                                                                                    |
| Update 2013  | Marc Sinner                                                                                                                                                                      |
| Update 2014  | Charel Antony, Louis Wagner                                                                                                                                                      |
| Update 2015  | Kevin Huberty, Laurent Heyder                                                                                                                                                    |
| Update 2016  | Kevin Huberty                                                                                                                                                                    |
| Update 2017  | Goerens Olivier, Joé Hoffmann                                                                                                                                                    |

## Originale Layout an Design

Isabelle Maassen, Max Schmitz (REEL.org asbl.)

## Layout an Design

Max Schmitz

## Fotoen

Ale Ceci, alex.ch, belpo, Benny Huberty, Blue Funnies, Caramdir, caribb, coyote-agile, eGuide Travel, Hideo Breden, Isabelle Henschen, Jules Petit, Max Schmitz, Peter Alfred Hess, [www.ethz.ch](http://www.ethz.ch), [yago1.com](http://yago1.com)

E spezielle **Merci** un den Dr. Martino Luginbühl, eemolegen Studienberater vun der ETH Zürich.



**ACEL**  
de Studentevertrieder

## WEE SI MIR?

ACEL – ASSOCIATION DES CERCLES D'ÉTUDIANTS LUXEMBOURGEOIS  
GRÉISSTEN **STUDENTEVERTRIEDER** ZU LËTZEBUERG ZANTER 1984  
STUDENTEVERTRIEDER VUN IWWER 40 STUDENTECERCLEN AN EUROPA

## WAT MAACHE MIR?

MIR REGROUPÉIEREN | STUDENTEBAL, TOURNOI DE NOËL  
MIR INFORMÉIEREN | STUDENT FIR EEN DAG, STUDIENINFOS  
MIR REPRÉSENTÉIEREN | STUDENTE VERTRIEDEN





Lëtzebuurger Studenten Zürich

